PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

N°2411
Entrée le 04.06.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 05.06.2025
Chambre des Députés

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 04/06/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Mëttelstand & Héichschoul a Fuerschung weiderzeleeden.**

Emmer méi Mënschen kréien Zougang zur Finanzwelt, dank dem Internet an neien Servicer a Plattformen, wou Leit ouni Broker oder Tëschenhändler kënnen benotzen. Dëst bitt eiser Wirtschaft vill nei Méiglechkeeten, well d'Suen dohinner kënne placéiert ginn, wou se fir Projeten gebraucht ginn an d'Leit sech finanziell méi breet opstellen.

Leider sinn domadder awer och vill Risike verbonnen, virun allem fir Leit, déi net wëssen, wéi een investéiert. Et ginn ëmmer méi Finanz-Gurus an Influencer, déi mat schéine Videoen dat schnellt Geld verspriechen.

Héigéint muss een duerch Bildung d'Leit sensibiliséieren, ob an de Schoulen bei de Jonken d'Regierung virgoen, andeems een an de Schoulen, mee och bei den Erwuessenen.

Am Koalitiounsaccord huet d'Regierung Folgendes zur finanzieller Bildung festgehalen:
"*Le Gouvernement mettra en place des mesures afin d'améliorer l'éducation financière de tous les citoyens, notamment à travers des enseignements de base en finance dans les écoles primaires et secondaires.*"

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi eng Initiativen a Formatiounen existéieren aktuell am schoulesche Parcours (opgelëscht no Moduller), déi de Schüler eng Bildung am Trading, Investéieren oder d'Gestioun vun Haushaltsfinanzen bitt?

2. Wéi eng Initiativen a Formatiounen existéieren ausserhalb vum schoulesche Parcours fir Erwuessener am Beräich vum Trading, Investéieren oder d'Gestioun vun Haushaltsfinanzen ?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, a vum Finanzminister, Gilles Roth, op d'parlamentaresch Fro n°2411 vum 4. Juni 2025 vum éierbaren Deputéierten Marc Goergen**

**1. Wéi eng Initiativen a Formatiounen existéieren aktuell am schoulesche Parcours (opgelëscht no Moduller), déi de Schüler eng Bildung am Trading, Investéieren oder d'Gestioun vun Haushaltsfinanzen bitt?**

Follgend Initiativen a Formatiounen existéieren aktuell am schoulesche Parcours am Enseignement Secondaire, déi explizit op Trading, Investéieren a Gestioun vun Haushaltsfinanzen aginn :

**Investéieren an Trading**

- 2GCG/2GCC – Économie de Gestion – Thème 2 : Les placements financiers
- 2GCF – Gestion de portefeuille
- 1GCF – Économie financière – Partie 1 : Les placements
- 2CN – Activités entrepreneuriales – Domaine Finance
- 2GMM – Économie et droit – placements financiers
- 4GCM/4GSO – Économie générale – Chapitre 7 : la bourse

**Gestioun vun Haushaltsfinanzen**

- 1GSO – Économie et droit - Introduction à la gestion budgétaire des ménages
- 5e générale de préparation - Culture générale Modul 7 : *Mein Privatleben: Das Geld*

**2. Wéi eng Initiativen a Formatiounen existéieren ausserhalb vum schoulesche Parcours fir Erwuessener am Beräich vum Trading, Investéieren oder d'Gestioun vun Haushaltsfinanzen ?**

Am Kader vun der Ëmsetzung vun der aktueller nationaler Strategie fir d'Finanzbildung hunn déi concernéiert Acteuren divers Initiativen en place gesat, déi sech och un Erwuessener riichten.

Mat Lëtzfin gëtt et een dediéierten Internetsite, deen d'Leit iwwer aktuell Themen am Beräich vun de Finanzen ënnerriicht. D'Zil vun dësem Site ass et de Konsument ze sensibiliséieren an ze schützen, andeems him Basisinformatioune ronderëm d'Finanzen zur Verfügung gestallt ginn. Hei fënnt een deementspriechend Informatiounen iwwer z. B. „Suen am Alldag", „Versécherungen", „Prêten", „Nohalteg Entwécklung", „Digital Finanzen", „Spueren an Investéieren", „Pensioun", „Virsiichtsmoossnamen" oder „Iwwerverschëldung". Och fënnt een um Site aner praktesch Instrumenter, wéi z. B. Kredittsimulatiounen, Hëllef beim Opstelle vun engem Budget, Froe fir hiert Wëssen ze testen, souwéi eng Bibliothéik mat villen erklärenden Dokumenter a Videoen. Doriwwer eraus ass Lëtzfin och aktiv op de gängege soziale Medien.

Am Beräich vum Investing gëtt et méi spezifesch:

- een dediéierte Site „Understanding Investing" vun der ALFI, oder
- z.B. d'World Investor Week, eng Initiative déi vun IOSCO an iwwer 100 Länner lancéiert gouf.

Donieft ginn et Formatiounsprogrammer am Beräich vum Online-Banking, déi sech virop un d'Seniore riichten.

Net ze vergiessen och d'Organisatioun vun der Woch vun der Preventioun vun der Iwwerschëldung, déi sech un de breede Public adresséiert.

Lëtzebuerg, den 8. Juli 2025

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH